

*Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen) et Gast Gibéryen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mir elo zu der Diskussioun iwwert de Projet de loi 4626 iwwert de Contrôle des changes. Et hu sech schonn ageschriwwen: Déi Häre Krecké, Graas, Gibéryen a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

## **5. Projet de loi 4626 portant modification de l'arrêté grand-ducal modifié du 10 novembre 1944 relatif au contrôle des changes**

*Rapport de la Commission des Finances et du Budget*

**M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi ee sech am Sport no engem intensiven Effort soll auslaffe loosse, soll d'Chamber sech no deene Strapaze vun de leschte Wochen net einfach zur Rou setzen, mä sech och auslaffe loosse. An ech wäert mat deem klengen Projet hei dozou bäidroen, datt mir all zu der néideger Rou kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch den Arrêté grand-ducal vum 10. November 1944 iwwert de Contrôle des changes, deen an der Zwëschenzäit eng etlech Kéieren ofgeännert ginn ass, krut d'Regierung den Optrag fir d'Auslandspaiementer vun eise Land ze iwwerwaachen an dofir déi néideg Informatiounen fir d'Opstellung vun eiser Balance des paiements ze sammelen an ze verschaffen.

Den Artikel 2 vun deem Arrêté grand-ducal gesäit vir, datt fir d'Dauer vun der Association monétaire belgo-luxembourgeoise des Missioun dem Institut belgo-luxembourgeois du change uvertraut soll ginn. Duerch de Règlement grand-ducal vum 12. Januar 1993 ass de STATEC als kompetent Autoritéit fir d'Opstellung vun der Lëtzebuerger Balance des paiements designéiert ginn. Dës Aufgab soll de STATEC op Grond vun sengen eegenen Donnéeën, vun deene vum deemolegen Institut monétaire luxembourgeois a vun deene vum Institut belgo-luxembourgeois du change erleedegen.

Dësen institutionelle Kader gouf duerch d'Schafung vun der Lëtzebuerger Zentralbank verännert, déi am

Kader vun der europäescher Wirtschafts- a Währungsunion a vun der europäescher Zentralbank eng Rei Obligatiounen operluegt kritt huet, ënner anerem déi, fir d'Donnéeën iwwert d'Lëtzebuerger Balance des paiements ze liwweren.

Den Arrêté vun 1944 muss doduerch vu Grond op iwwerschaft ginn, fir deem neie Konzept vun der drëtter Phas vun der europäescher Wirtschafts- a Währungsunion, an deem eist Land obligéiert gëtt eng eegen a komplett Balance des paiements opzestellen, Rechnung ze droen. Dës Revisioun huet awer nach Zäit bis Enn 2001, wann den Institut belgo-luxembourgeois du change seng Aktivitéit definitiv astellt.

Bis dohi soll awer den Transfert vun den Aufgabe vum Institut belgo-luxembourgeois du change virbereet ginn. De Projet deen hei virläit soll dee gesetzleche Kader schafen.

Op Grond vun der Schafung vun enger Lëtzebuerger Zentralbank gëtt et noutwendeg fir d'Responsabilitéiten, wat d'Opstellung vun der Balance des paiements vu Lëtzebuerg ubelaangt, fir d'Relatioun tëschent dem STATEC an der Zentralbank nei ze definéieren.

Dës Opdeelung lehnt sech enk un déi un, déi tëschent der Europäescher Zentralbank an dem Eurostat am selwechte Kontext um europäesche Plang besteet. Deemno soll d'Lëtzebuerger Zentralbank zoustänneg gi fir d'Opstellung vun de Finanzoperatiounen a vun eiser gesamter Positioun mam Ausland, esou wéi fir d'Evaluatioun vun den Investitiounsrevenue. De STATEC dogéint soll fir d'Opstellung vum Compte de capital a vun der Balance courante - mat Ausnahm vun den Investitiounsrevenue -, esou wéi fir d'Enquêtes iwwert déi direkt auslännesch Investissementer zoustänneg ginn.

Den zweete Paragraph vum Projet preziséiert, wéi d'Lëtzebuerger Zentralbank an de STATEC sech déi néideg Donnéeën verschafen, fir hiren Aufgabe gerecht ze ginn. Et sinn dat hir eegen Donnéeën, déi vum Institut belgo-luxembourgeois du Change an déi vun aneren Administratiounen. Zu deem Zweck gëtt bei der Lëtzebuerger Zentralbank eng gemeinsam Base de données geschafen, déi vun deenen zwou Verwaltungen fir d'Opstellung vun der Balance des paiements ka consultéiert ginn. Doduerch soll verhënnert ginn, datt nei administrativ Belaaschtungen fir d'Betriber entstinn.

De véierte Paragraph vum Projet gesäit vir, datt déi zousätzlech Onkäschen, déi der Zentralbank duerch d'Schafe vun där gemeinsamer Database entstinn, iwwert de Statsbudget erëmbezuelt ginn.

De Statsrot an d'Chambre de Commerce hunn e positiven Avis zu dësem Projet ginn, an d'Finanz- a Budgetskommissioun huet unanime beschloss, der Chamber virzuschloen, de Projet, sou wéi e vun der Regierung virgeschloen gouf, ze adoptéieren. Heimat wëll ech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Jeannot Krecké (LSAP).-** Här President, sou wéi de Rapporteur dat elo schonn ugedeit huet, hu mir an der Kommissioun deem Projet hei eis Zoustëmmung ginn. Mir maachen dat och hei!

Et ass en technesche Projet, an insofern dass kloer-gestallt ginn ass, dass d'Obligatiounen, déi op d'Betriber duerkommen, wat d'Meldeflicht vun enger ganzer Rei Donnéeën ubelaangt, hinnen elo net weider gréisser an nei Contrainten operleeën, si mir och mat deem Projet d'accord, an ech bréngen domat d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Den Här Graas huet d'Wuert.

*(Interruption)*

**M. Gusty Graas (DP).-** Ech wëll dem Rapporteur fir d'éischt merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht, an ech wëll och gläichzäiteg d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu deem Projet bréngen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wëll och an eisem Numm dem Rapporteur merci soe fir säin explizite Rapport. En ass sou an d'Detailer gaangen, datt all Wuert, wat een nach weider géif zu deem Projet verléieren, zevill wier, an dofir...

*(Interruption)*

...bréngen ech och d'Zoustëmmung vun eiser Säit!

*(Hilarité)*

**M. le Président.-** Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).-** Här President, ech wollt heimat déi éischte Kéier de Modell 0 vun eisem Reglement applizéieren a soen, datt mir deen dote Rapport excellent fannen an d'Gesetz och wäerte stëmmen!

*(Interruptions diverses)*

**M. le Président.-** Den Här Budgetsminister Luc Frieden huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Budget.-** Vu, Här President, datt d'Regierung sech och soll kuerz halen, géif ech der Chamber wëlle merci soen, datt se dëse Projet sou séier gekuckt huet, an ënnersträichen, datt d'Kierzt vun der Diskussioun a vum Projet net soll driwwer ewech täuschen, datt déi ganz Ëmsetzung heivun, wat eng Konsequenz ass vum Akraafttriede vun der Union économique et monétaire, enorm vill Aarbecht fir eng Rei Servicer vum Lëtzebuerger Stat mat sech bréngt, notament fir de STATEC a fir d'Banque centrale.

Et ass dofir, wou dëse Projet wichteg ass, a mir hunn och deenen zwee - beim STATEC méi, wou mer méi direkt zoustänneg sinn - déi noutwendeg Moyene ginn, fir dat kënne sou gutt wéi méiglech iwwert d'Bühn ze bréngen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kéimen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4626 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Da stëmme mer elo of.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung (par M. Paul-Henri Meyers), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Fred Sunnen), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nicolas Strotz), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu (par M. Xavier Bettel), MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di*

*Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling) et Aly Jaerling;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also sou décidéiert.

Da kéime mer elo un d'Motioun, déi d'Mme Renée Wagener de Mëtten abruecht huet, wou de Minister do ass a sech och bereet erkläert huet, fir dozou Stellung ze huelen.

D'Mme Wagener freet d'Wuert.

## **6. Motion de Mme Renée Wagener sur le retour des personnes réfugiées vers le Monténégro**

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, merci fir d'Wuert. Ech wéilt just kuerz resuméieren, wat ech de Mëtte schonn erkläert hat, nämlech datt et hei ëm d'Problematik geet vun de Flüchtlingen aus dem Montenegro, wou gëschter op enger Pressekonferenz den Här Justizminister, d'Mme Familljeministerin an den Här Minister vun der Kooperatioun och dozou Stellung geholl hunn. Si hu sech am Fong op déi offiziell montenegrinesch Stelle beruff, fir ze soen, datt déi Géigend sécher wär an déi Leit kéinten dohin zrëckgeschéckt ginn.

Mir hunn aner Informatiounen, haaptsächlech vun ONG-Säit, déi drop opmierksam maachen, datt dat net de Fall ass, datt z.B. an der Regioun vum Sandjak paramilitäresch serbesch Gruppen amgaange sinn, remilitariséiert ze ginn, datt och schonn eng ganz Rei Leit ënner terroristeschen Aktiounen ze leiden hunn, an net méi spët wéi gëschter Owend huet och eng Expertin vun der Schwäizer Flüchtlingshëllef drop higewisen, datt d'Situatioun guer net sou wär, datt een d'Leit kéint einfach sou zrëckschécken, datt an der Schwäiz déi Délaie verschobe gi sinn a souguer nach misste méi wäit verschobe gi wéi de Summer, fir Leit dohin zrëck ze schécken.

Ech hat de Mëtten och gesot, mir wéilten déi Diskussioun ronderëm fräiwëlleg oder net fräiwëlleg Abschiebung, respektiv Retouren hei ausklammern. Et geet eis an eiser Motioun haaptsächlech ëm d'Fro, ob déi Deelregioun do sécher ass oder net, a mir fuerderen d'Regierung eben an där Motioun op, fir nieft deenen Informatiounen, déi si vun offizieller Säit krut, och nach aner Informatiounen anzezéien, fir wierklech en objektivt

Bild vun der Situatioun an och Stabilitéitsgarantien ze hunn, ier se iwwer Retoure vu Flüchtlingen dohin noddent.

Si soll och vläicht nodenken iwwert déi spezifesch Situatioun, well mer hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rei Leit aus dem Montenegro hunn, déi ethnesche Minoritéiten ugehéieren, respektiv Familljen, wou verschidden Ethnien zesumme kommen, an dat si grad déi Leit, déi dohannen am meeschte Problemer kënne kréien, déi och am meeschten dem Terror kënne ausgesat sinn. Donieft gëtt et natierlech och krank Leit, handicapéiert oder speziell traumatiséiert Leit, fir déi och sécherlech e Retour a Sécherheet am Moment net ze garantéieren ass.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Minister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt direkt haut zu där Motioun hei Stellung huelen, déi d'Mme Wagener abruecht huet, well se mer et erlaabt, e puer Saachen ze preziséieren, déi hei - déi Motioun beweist dat - zu kontradiktöreschen Aussoe féieren.

Ech hu gëschter effektiv mat zwee Regierungskollegen eng Pressekonferenz ginn, an där mer eng bekannte Positioun vun der Regierung, nämlech déi, déi de Statsminister och an der Lag vun der Natioun exposéiert huet, nach eng Kéier am Detail duergeluegt hunn. An deem Detail si mer och agaangen op d'Situatioun vum Montenegro, well de Montenegro bekanntlech déi Regioun aus dem Balkan ass, aus där déi meeschte Flüchtlingen zu Lëtzebuerg sinn, nämlech eng 4.400 vun deene 4.800, déi mer hunn.

Ech hunn eng Descriptioun vum Montenegro gemaach, déi sech net, contrairement zu deem, wat hei steet, ausschliesslech beriff op dat, wat de Vize-Minister vun Inneren, d.h. de Vize-Intérieurminister vum Montenegro eis gëschter zu Lëtzebuerg gesot huet, mä op Informatiounen, déi sech op dat baséieren, wat mer iwwer eng länger Zäit vun den Autoritéiten aus dem Montenegro a vun aneren offizielle Stelle matgedeelt kritt hunn.

De Montenegro ass eng Republik vu Jugoslawien, mat enger relativ grousser Autonomie, déi selbstverständlech ënner staarken Drock kënnt vum Regime vum President Milosevic, dee guer net frou ass iwwert déi Développement, déi am Montenegro stattfannen. Fir de Montenegro ze stabiliséieren - en Territoire vun engem 13.000 km<sup>2</sup>, wou 650.000 Leit wunnen -, huet d'Europäesch Unioun decidéiert, massiv Gelder ze ginn. D'Finanzministere vun der Unioun hu festgehalten, op hirem leschte Conseil, fir 50 Milliounen Euro Direktëllef ze ginn, an d'USA hunn decidéiert, 55 Milliounen Dollar ze ginn.

Lëtzebuerg wëllt - dat huet de Minister Goerens gëschter annoncéiert - nieft deenen doten Hëllef, un deene mer participéieren, wann et EU-Gelder sinn, och eng Direktëllef op der Plaz maachen a Projete bilateraler Natur opbauen, déi ënnert d'Entwécklungshëllef falen, an hie rechent do mat Projeten an Héicht vun 200